déi gréng

Lëscht 3

Nick CLESEN

37 Joer | Schëffleng
Sozialpedagog
Chargé de direction youngcaritas
President Konschtschoul.lu

Verwaltungsrot Kulturfabrik
Verwaltungsrot Kamellebuttek
Comitésmember LP07 Schëffleng
Member déi gréng Schëffleng
Member Gemengekommissiounen

Léif Schëfflenger*innen,

Den **8. Oktober si Chamberwalen** zu Lëtzebuerg!

Mam Engagement bei déi gréng hunn ech d'Chance sozial Verantwortung ze iwwerhuelen a gesellschaftlech Prozesser mat ze gestalten. Fir vill vun eisen Erausfuerderungen ass et déi lescht Chance. **Déi nächst Jore sinn entscheedend!** Mir brauche kloer an zukunftsorientéiert Léisungen.

GRENG.LU

déi gréng

Lëscht 3

Als Papp vun engem Meedchen engagéieren ech mech besonnesch, fir dat och zukünfteg Generatiounen d'Chance op **eng nohalteg Welt vu Solidaritéit a sozialer Gerechtegkeet** kréien.

Mënschen zesummen ze bréngen, den Dialog ze förderen an **d'Zesummeliewen ze stäerken**, stinn am Fokus vu menger edukativer Aarbecht mat Jonken, sou wéi mengem Asaz an der Gemeng Schëffleng, der Kultur, am Sport an am soziale Beräich.

déi gréng sti fir ganz Villes wou mir wichteg ass. Ech sinn iwwerzeegt dat eis **Wäerter** an eisen **Courage** e wëssentleche Beitrag zu engem besseren Allgemengwuel an Zesummeliewe leeschte kennen.

Vill vun eise groussen Erausfuerderunge sinn net vun Haut op Muer ze léisen. Eise Bilan iwwert déi lescht 10 Joer ass enorm gutt a villes mécht sech eréischt an e puer Joer bemierkbar. Mir maachen eng **laangfristeg Politik** a wëllen och an den nächste 5 Joer nach Villes ëmsetzen.

Ech well **FAIRantwortung** fir eng sécher a liewenswäert Zukunft mat iwwerhuelen. Bei mir Doheem, a menger Noperschaft, bei eis zu Schëffleng a fir ganz Lëtzebuerg.

Dowéinst **wielt den 8. Oktober gréng**.

Nick Clesen

eise Walprogramm

GRENG.LU